



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 07/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Sozialversécherung weiderzeleeden.

Zënter dësem Joer kënnen d'Fraen d'Anti-Baby-Pëll gratis an der Apdiktt kréien. D'Gratuitéit vun der Pëll kéint dofir suergen, dass méi Fraen op dës Verhütungsmethod zeréckgräifen.

Während d'Notzung vun de Anti-Baby-Pëll, déi vu Milliounen Fraen op der Welt all Dag geholl gëtt, hei am Land nach ëmmer verschreiwungspflichteg ass, kritt een d'Pëll fir den Dag duerno ouni Verschreiwung an der Apdiktt. Dëst obwuel den Hormongehalt vun där Pëll vill méi héich an de Risiko vun engem Impakt op der Kierper méi grouss ass, wéi bei der normaler Pëll. Dës Weidere mussen d'Fraen extra bei de Gynekolog, fir weider ee regulären Traitement ze huelen, woubäi dës Plagen da fir aner Patientinne verluer ginn, déi eventuell méi dringend ee Rendez-vous bréichten.

An anere Länner, wéi zum Beispill Portugal, huet een dofir d'Approche geholl, dass een d'Anti-Baby-Pëll ouni Ordonnance an den Apdiktt ka kréien. Duerch déi professionell Berodung vun engem ausgebildeten Apdikter bleift soumadder ee Kontrollmechanismus erhalen a gläichzäiteg entlaascht een d'Gynekologen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Verschreiwungen fir d'Anti-Baby-Pëll sinn an deene leschten 3 Jore etabléiert a vun der CNS rembourséiert ginn?
2. Wéi vill Mol ass déi sougenannte Pëll duerno, an deene vergangen 3 Joren, hei am Land verkaaft ginn?
3. An de leschte Joren ass donieft och eng Tendenz entstanden, dass ëmmer méi Fraen sech géint d'Notzung vun der Anti-Baby-Pëll entscheiden, well d'Pëll an de Verruf geroden ass, dass se laangfristëg zu Gesondheetsproblemer géif féieren. Nieft de klassesche Verhütungsmethoden gräifen ëmmer méi Fraen op gratis Apps zeréck, mat deenen den Dag Eesprong geschätzt gëtt an mat där d'Fra hier Verhütung wëll organiséieren (contraception digitale). Dës gratis Apps bauen awer zum Deel op pseudo-wëssenschaftlechen Erkenntnissen op, sinn onpräzis a sammelen d'Donnéeën vun den Notzer*innen fir kommerziell Zwecker of.
 - Wéi ginn d'Fraen hei am Land iwwert d'Risiken vun dësen Apps opgekläert?



www.piraten.lu

- Wéi eng Beméihungen gi vum Santésministère ënnerholl, fir d'Fraen iwwert d'Sécherheeten an d'Risikien vun der Anti-Baby-Pëll opzeklären?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten

